



A wat heescht „les relations“? Heescht dat „le financement“ oder net? Ech mengen net, dass an enger Constitution sollt esou e flouen Text stoen. An dann nees eng Kéier „les communautés religieuses «reconnues»“. Alt nees eng Kéier moosst de Stat sech un, gewëss Communautés unzërkennen an anerer net.

Dat ass an eisen Ae keng Trennung vu Kierch a Stat. Dat doten ass genau de Contraire dervun. Et ass rengen Etiketteschwindel. An dofir wäerte mir déi Resolution als ADR net matstëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Den Här Urbany huet d'Wuert.

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Ech hat elo scho virdrun erklärt, firwat mer se net stëmme wäerten. Et fält mer elo op, et steet souguer dran, hei géif de Prinzip vun der Séparation de l'État et des communautés religieuses agefouert gi mat deem Text, deen de Moien ugeholl ginn ass. Ech stellen awer fest, dass dat an deem Text net drasteet. Dat stoung an deem ursprénglechen Text dran. Do stoung kloer dran: «Les églises et communautés religieuses sont séparées de l'État.»

Elo steet eng ganz vag Formulatioun dran, déi schwätzt vun engem Principe de séparation, deen emol net extra erklärt gëtt. Et weess een emol net d'Séparatioun vu wem mat wem.

An da kënnt nach derbäi, ech hunn et och scho gesot, dass dat en eegent Kapitel soll ginn an der Verfassung. A mir fannen, dat ass Contraire zu deem grouse Prinzip vun der Separatioun, deen eigentlech misst a grouse Letteren an deem neie Constitutionstext drastoen, grad wéi de Prinzip vun engem État laïc misst drastoen.

Dofir, och wa mir mat enger anerer Formulierung d'accord gewiescht wieren, dass dat hei drastoe kënnt, kënnen mer deen Text hei net stëmme. Mir si selbstverständlech derfir, dass deen Artikel iwwert d'Gehälter erausgeholl gëtt. Do gëtt et jo Unanimitéit anscheinend hei an der Chamber.

Mir sinn och net d'accord, dass déi véiert Fro net gestallt gëtt. Well souguer, wa mer eis alleguerten hei iwwert d'Formulatioun eeneg wieren, si mir der Meenung, dass d'Vollek awer soll gefrot ginn. Déi Fro ass ugekënnegt. Et ass ugekënnegt, dass de Laizitéitsprinzip an den Trennungsprinzip am Stat e wichtege Prinzip ass an dass doriwwer d'Vollek gefrot gëtt. Et geet elo net, fir am leschte Moment, opgrond vun engem Accord politique, deen onzefriddestellend ass - och nach derbäi! -, déi Fro zrëckzezéien. Aus där Ursach stëmme mer géint déi Resolution hei.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Soss keng Wuertmeldunge méi? Da géife mer zur Ofstëmmung iwwergoen iwwert d'Resolution.

Vote sur la résolution 1

D'Ofstëmmung fänkt un. Déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer. D'Resolution ass mat 55 Jo-Stëmmen bei 5 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Laurent Mosar), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel (par M. Serge Urbany) et Serge Urbany.

Motion 1

Da géife mer iwwergoen zu der Motioun. Dozou Wuertmeldungen? Den Här Reding huet d'Wuert. Ech wëll lech allerdéngs just soen, dass nach ganz wéineg Zäit iwwreg bleift.

► **M. Roy Reding** (*ADR*).- Ech hale mech dann extrem kuerz.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Voilà!

► **M. Roy Reding** (*ADR*).- Här President, léif Kolleegen, wat d'Motioun ugeet, bei allem Verständnis fir d'Euphorie iwwer e présupposierten historeschen Accord, deen an eisen Ae keen ass, sinn ech awer als Verfassungsrechtler der Meenung, dass eng Chamber net kann dozou opruffen, en Text ze maachen, deen antikstitutionell ass.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Très bien!

► **M. Roy Reding** (*ADR*).- Am Moment ass dat, wat hei virläit, net konform zu eiser Constitution. Dat kann änneren, wa mer eng nei Constitution kréien. Dat présupposéiert awer e Vote hei an der Chamber, dee vu 40 Deputéierte gedroe gëtt, an dat présupposéiert, dass an deenen dräi Méint duerno d'Vollek mat méi wéi 50% och d'Ratiofikatioun virhëlt. Mir kënnen also zum jëtzen Zäitpunkt net de Gouvernement invitéieren, en Accord ze formaliséieren, deen antikstitutionell ass. Dat verbitt eisen Eed, Här President.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Den Här Urbany. Datselwecht gëllt wéi fir den Här Reding. D'Zäit ass...

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Ech hale mech ganz kuerz, Här President. Mir fannen, dass deen Accord hei - deen ech virdrun och am Detail kritiséiert hunn, deen och gewësse positiv Saachen awer enthält, dat wëll ech hei ganz daitlech betounen - géif u Kredibilitéit gewannen, wann en nach eng Zäit kéint och an der Gesellschaft diskutéiert ginn. An duerfir hu mir virgeschloen, e Moratoire anzeféieren, dat heescht sech eng Zäit ze setze bis zu deem den Accord soll ënnerschiwwen ginn, fir dass en enger breeder Diskussioun kann ënnerzu ginn. Dat ass offensichtlech net de Wëlle vun der Regierung. Duerfir kënnen mer och déi Motioun hei net stëmme, a mir wäerten dergéint stëmme.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Weider Wuertmeldungen zur Motioun?

Dat ass net de Fall. Da géife mer zur Ofstëmmung iwwergoen.

Vote sur la motion 1

D'Ofstëmmung fänkt un. D'perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

D'Motioun ass mat 32 Jo-Stëmmen bei 28 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Laurent Mosar), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel (par M. Serge Urbany) et Serge Urbany.

Domat hätte mer dësen Deel vum Ordre du jour ofgeschloss. Ech soen lech Merci a géif dann zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. An do geet et ëm de Projet de loi 6533, deen d'Organisatioun vum Pétrolsmaart betrëfft. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Frank Arndt.

4. 6533 - Projet de loi relatif à l'organisation du marché de produits pétroliers

Rapport de la Commission de l'Économie

► **M. Frank Arndt** (*LSAP*), *rapporteur*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi, deen d'Organisatioun vum Marché vun de Pétrolsprodukter regelt, gouf den 28. Januar 2013 vum Minister fir Économie an Aussenhandel déposéiert. An de Méint duerno gouf de Projet vun de Beruffschamberen an och eng éischte Kéier vum Statsrot aviséiert. D'Ékonomieskommissioun

huet sech eng éischte Kéier de 6. Februar 2014 mat deem Projet auserneegesat a mech als Rapporteur bestëmmt.

Datt et awer elo nach bal e weidert Joer gebraucht huet, bis de Projet konnt an d'Plénière kommen, läit dorun, dass et opgrond vun den Aarbechten an der Commissioun noutwendeg war, zweemol Amendementer ze maachen, déi jee weils an engem Avis complémentaire vum Statsrot aviséiert goufen. D'Commissioun huet sech net manner wéi 15-mol gesinn, fir dese Projet de loi auszeschaffen, an dat, well et net nëmmen eng einfach Ëmsetzung vun enger Direktiv war, wéi Der elo wäert gesinn.

Mëttlerweil ass et wierklech dréngend ginn, dass mer dese Projet de loi hei an der Chamber stëmme. Et geet hei nämlech ënner anerem ëm d'Ëmsetzung an d'nationaalt Recht vun enger europäescher Direktiv iwwert d'Verpflichtung vun de Memberstaten, fir Mindestreserven u Pétrolsprodukter prett ze halen.

Als Erënnerung: Dës Direktiv hätt misse bis Enn 2012 ëmgesat gi sinn. Scho wéi de Projet de loi virun zwee Joer déposéiert ginn ass, ware mir deemno a Verspéidung. De 25. September 2014 krute mer vun der EU-Kommissioun en Avis motivé, well mer d'Direktiv nach ëmmer net ëmgesat haten, soudatt et elo héich Zäit gëtt, fir eis endlech a Konformitéit mat dem europäesche Recht ze setzen.

D'Zil vun der Direktiv ass et, ee Mechanismus ze verbessern, deen am Fall vun enger Verknappung vun de Pétrolsliwwerungen muss gräifen. D'Regelen, déi dofir opgestallt goufen, setzen op d'Solidaritéit tëscht de Memberstaten. Si suergen derfir, dass d'Mechanismen, déi am Noutfall a Kraaft trieden, zouverlässeg an transparent kënnen fonctionnéieren.

Zu deene wichtegste Bestëmmunge gehéiert, dass all Memberstat Pétrolsreserve muss prett halen, déi an der Quantitéit mindestens 90 Deeg dem duerschneittlechen deeglechen Nettoimport entsprechen. An den Annexe vun der Direktiv ass genau geregelt, wéi dës Quantitéit berechent ginn. An der Direktiv gëtt och festgehalen, wéi déi Stocke geféiert ginn, wéi den Accès geregelt gëtt, wéi iwwert d'Reserve muss Buch gefouert ginn an esou weider.

Laut der Direktiv kënnen d'Memberstaten een net kommerziellen Organismus grënnen, dee sech ëm den Akaf a Verfall vum Pétrol an zum Deel ëm aner Gestionsaufgabe këmmert.

D'EU-Kommissioun sammelt detailléiert Informatiounen iwwert déi bestehend Reserven an der Europäescher Unioin a si kann iwwerpréiwen, wéi gutt déi eenzel Memberstaten op eng Krisensituatioun virbereet sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Pétrolschock vun 1973 huet verdäitlecht, wéi wichteg dass eng Reserv vu Pétrolsprodukter ka sinn. Deemools ass während dem Jom-Kippur-Krich vun der OPEC en Embargo operluecht ginn op d'Liwwerung vu Pétrolsprodukter u Länner, déi Israel ënnerstëtzt hunn, wat derzou gefouert huet, dass de Präis vun Barrel dramatesch an d'Luucht gaangen ass.

Zu Lëtzebuerg hu mir, fir de Secteur vun de Pétrolsprodukter ze regelen, am Moment just e groussherzoglecht Reglement vum 31. Oktober 1973, dat am Laf vun der Zäit adaptéiert gouf, mä awer net méi ganz aktuell ass.

De Projet de loi, deen lech hei virläit, schafft d'Reglement of, iwwerhëlt awer eenzel Bestëmmungen doraus an iwwerhëlt och an enger adaptéierter Form d'Deklaratiounsprozedur vun den Importateuren vu Pétrolsprodukter aus dem Reglement vun 1973. De reglementaresche Kader, deen d'Importateuren mussen respektéieren, fir dass eng permanent Sécherheetsreserv garantéiert ass - dat heescht eng Reserv, déi 93 Deeg vum duerschneittlechen deeglechen Nettoimport entsprécht -, gëtt esou méi transparent a komplett.

Eng ganz wichteg Neierung ass d'Schafe vun enger nationaler Agence de stockage. Domadder notzt Lëtzebuerg d'Optioun, déi an der Direktiv virgesinn ass, fir eng Rei vun Aufgaben an deem Beräich un eng spezialiséiert Agence ze iwwerdroen. Op den Detail dovunner kommen ech nach eemol zrëck.

D'Ékonomieskommissioun huet sech ausféierlech mat den Avice vun de Beruffschamberen a vum Statsrot auserneegesat an déi néideg Erklärungen vun de Mataarbechter vum Ékonomiesministère kritt. Do e grouse Merci un d'Mataarbechter aus dem Ékonomiesministère fir déi gutt Virbereedungen, déi mir all Kéiers haten.

Ee Punkt, dee besonnesch diskutéiert gouf, war d'Demande vun dem Lëtzebuenger Grouperement Pétrolier, fir de Krees kënnen auszedehnen, dee fir de regionalen Niveau vum Stockage gëllt. D'Commissioun huet Versteesdemech gehat, dass de Pétrolssektor gäre gehat hätt, dass Rotterdam mat an de Krees abezu gi wier, well dat fir si ekonomesch am gënsch-

tegste gewiescht wier. Allerdéngs iwwerweit fir d'Commissioun den Aspekt vun der Versuerungssécherheet.

Souwuel vun der Distanz wéi vun den Transportméiglechkeeten hier bitt Rotterdam net déi optimal Bedingungen, fir an enger Krisensituatioun eng schnell a verlässlech Versuergung kënnen ze garantéieren. Et ass awer méiglech, dass 33 Deeg vun deene virgeschriwwenen 93 Deeg zu Rotterdam kënnen stockéiert ginn. Och ass et méiglech iwwer e Règlement grand-ducal eng gewësse Flexibilitéit fir déi strategesch Reserve festzeleeën. Des Weidere schléit d'Commissioun vir, eng Phase transitoire anzeféieren. Antwerpen huet eng Uelechpipeline op de Site de stockage vu Feluy an der Wallonie. Ee vun den Haaptstocken, vu wou Lëtzebuerg beliwwert gëtt. An der Praxis ännert sech op deem Punkt also wéineg.

Ofgesi vun dem kommerzielle Stockage ass all Land, dat Member ass vun der Agence internationale de l'énergie, eben och verpflichtet, strategesch Reserve fir 90 Deeg unzeleeën, déi nëmmen am Fall vun enger Kris kënnen genotzt ginn. Lëtzebuerg deet sech schwéier, dee Minimum ze erreechen. An der Vergaangenheet krute mer scho Verwarnungen, well mer dës Verpflichtung net agehalen hunn. Verschidde Jore konnte mer dës Zil just erreechen, well mer en Deel vun eise Sécherheetsreserven am Ausland stockéiert hunn.

Fir e klengt Land läit esou eng Léisung natierlech op der Hand, am Ausland ze stockéieren. Et bedeit awer och, dass mir müssen un d'Diversitéit oder d'Flexibilitéit vun den Transportméiglechkeeten denken. Well mir riskéieren dann, wann zum Beispill op der Eisebunn gestreikt gëtt, wann d'Autobunnen duerch Ais oder Schnéi zou sinn, wann d'Musel wéinst Dréchent kee Waasser huet oder ze vill Waasser bei Héichwaasser, dass mer da Geforafen, hei zu Lëtzebuerg net méi deen néidege Volume vu Pétrolsprodukter zur Verfügung ze hunn, fir dass eis Wirtschaft kann dréinen.

Wa mer elo kucken, wat hei am Land soll stockéiert sinn, si schonn elo no den aktuelle Bestëmmungen vun eise Règlement grand-ducal eis Stockagecapacitéiten un Lëtzebuenger Territoire vill ze kleng. Derbäi kënnt, dass d'Capacitéite sech an de kommende Joren nach daitlech kënnen reduzéieren, well verschidden Autorisatiounen auslafen. Et besteet also Handlungsbedarf.

Dofir ass d'Commissioun och der Meenung, dass mir wéinstens tëscht aacht an zéng Deeg hei am Land musse lagere an dass eng Reserv fir 35 Deeg regional grenziwwerschreidend muss gelagert ginn.

Eng wichteg Roll an deem Kontext wäert déi nei Agence nationale de stockage spillen. Si huet als Éischt emol d'Aufgab, déi néideg Stockagecapacitéiten ze bauen an ze exploitéieren respektiv ze lounen oder ze kafen. Weider Missioun sinn anschlissend de Kaf a Verfall vu Pétrolsprodukter, d'Uleeën an d'Gestioun vu kommerziellen a strategesche Reserven. Ënner bestëmmte Bedingunge kann d'Agence och Participatiounen an Institutiounen oder Entreprises huelen. Op Demande vum Minister verfolgegt d'Agence d'Evolution vum Pétrolssektor hei zu Lëtzebuerg.

Länger Diskussiounen goufen et doriwwer, wat déi am beschte géeegeent juristesche Form wier fir esou eng Agence nationale de stockage. Dobäi goufen d'Missiounen vun der zukünftiger Agence genau gekuckt an nei bestëmmt. Dës Missiounen kënnen nëmmen dann erfollegräich ausgefouert ginn, wann deen néidegen Handlungsspillraum do ass. Esou war et zum Beispill net méiglech, doraus e Service de l'État a gestion séparée ze maachen, well d'Agence domat keng eege Personnalité juridique gehat hätt an och de finanzielle Kader net hätt kënnen fonctionnéieren.

Och wa mir all wëssen, dass et net ganz zefriddestellend ass, dass mer am Laf vun der Zäit ëmmer erëm nei Établissement-publicke geschafen hunn, déi leider net all nom selwechte Modell fonctionnéieren an net allgemenge Regeln ënnerleien, esou ass et dach um Enn d'Form vum Établissement public, déi hei am beschte fir déi nei Agence nationale de stockage gepasst huet an och zrëckbehalte gouf.

Zum Schluss nach e puer Erklärungen zum finanziellen Impact vun deem Projet de loi. Dee wichtegsten Deel vun den Ausgaben entsteeet dee Moment, wou d'Agence nationale de stockage geschafe gëtt an déi éischt Stocke vu Pétrolsprodukter kaaft ginn. Duerno kann d'Agence de Pétrolsimportateuren d'Fraisen, déi mat der Gestiou an dem Erhale vun de Sécherheetsreserve verbundene sinn, verrechnen.



Iwwer eng jährléich Dotatioun vum Stat muss de Bau respektiv d'Locatioun oder de Kaf vun der Infrastruktur finanzéiert ginn. Datselwecht gëllt, wann d'Agence Participatiounen an enger Entreprise fir de Stat hëlt.

Wann d'Agence bis gegrënnt ass, stellt si en Direkter an, dee vun engem Employé ënnerstëtzt gëtt. Fir dat éischt Joer stellt de Stat 200.000 Euro zur Verfügung. Dës Zomm entsprécht de gesamte Frais de fonctionnement vun der Agence fir dat éischt halleft Joer respektiv de Frais d'exploitation fir déi zweet Halbschent vum éischte Joer, déi net a Verbindung sti mam Stockage.

D'Fraise fir de Stockage kënnen integral dem Importateur vun de Pétrolsprodukter verrechent ginn. An deene Joren duerno ginn 100% vun de Frais de stockage - also d'Personalkäschten, Experts- a Conseilskäschten, déi mam Stockage zesummenhänken - un d'Importateure weiderverrechent. Deen aneren Deel vun de Fraisen, déi net dem Stockage ugerechent kënnen ginn, wäert iwwer eng Dotatioun aus dem Statsbudget bezuelt ginn.

D'Detailer iwwert d'Diskussiounen, déi mir an der Ekonomieskommissioun iwwert déi eenzel Artikelen, Avisa vun de Beruffschamberen a vum Statsrot gefouert hunn, fannt Dir am schrëftleche Rapport.

Am Numm vu menger Fraktioun wëll ech just soen, datt ech aus zwee Grënn frou sinn, datt mir déi Aarbechten un deem neie Gesetz haut kënnen ofschléissen. Mir kommen domat nach just zurzäit eisen internationale Verfléchungen no, fir net nach méi mat substantielle Sanktiounen vun der EU-Kommissioun konfrontéiert ze ginn. Virun allem leeë mir awer heimat endlech no laange Jore vu Stagnatioun d'Grondlag, fir eis Versuergung mat Pétrolsprodukter och am Noutfall ofzesécheren.

Mir mussen eis bewusst sinn, datt et aus deenen ënnerschiddlechste Grënn vun engem Moment op deen aneren zu enger Verknappung vun de Pétrolsprodukter um Marché ka kommen. An dann hänkt alles dervun of, wéi gutt mir op esou Ausnahmesituatiounen virbereet sinn. Et ass gutt, datt mir am Kader vun der Europäescher Unioun a vun der Agence internationale de l'énergie an e gutt fonctionnéierend Netzwierk agebonne sinn an op d'Solidaritéit vun eisen Nopeschlänner kënnen zielen. Mä mir mussen och op eise eegenen Territoire déi néideg Konditiounen schafen, fir Alternativen ze hunn, wann déi üblech Versuergungsweeër ënnerbrach sinn.

Op dëser Plaz ee Merci un d'Kommissiounsmitgliedern, fir dësen dach techneschen Dossier mat esou villen Argumenter ze beliewen, dem Sekretär der Kommissioun fir déi wäertvoll an net ëmmer einfach Aarbecht op deem Projet de loi. An ech därëf lech och hei den Accord zu deemem Projet de loi vun der LSAP-Fraktioun ginn.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Arndt. Éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Claude Wiseler.

Discussion générale

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Merci, Här President. Ech fänke mat deem un, woumat de Rapporteur opgehalen huet. Och vu menger Säit fir d'Alleréischte e grouse Merci un hien als Rapporteur fir säi schrëftlechen a fir säi mündleche Rapport. Dat war net ëmmer einfach, well et awer ganz technesch war, well mer vill Diskussiounen mat de Beamten haaptsächlech hatten, den Hin an Hier mam Conseil d'État. Mä schlussendlech hu mer et awer esou hikit an engem Text, dee vun der Technizitéit hier awer elo verständlech ass an, ech mengen, och jiddwerengem Satisfaktioun gëtt.

De virleiende Gesetzesprojet setzt am Fong déi europäesch Direktiv vun 14. September 2009 an eis national Gesetzgebung ëm. An no dëser Direktiv sinn d'Memberstaten derzou verflécht, minimal Stocke vu Pétrol oder Pétrolsproduite virzugesinn. Dës europäesch Richtlinn setzt zouverlässeg an transparent Mechanisme fest, déi op der Solidaritéit vun den europäesche Memberstate berouen. An d'Virgoensweis am Fall vun enger staarker Verknappung ass kloer definéiert. An den Hannergrond vun dëser Direktiv ass de Constat, datt d'Verwaltung vun de Pétrolsreserven an der leschter Zäit sécherlech Mängel opgewisen huet.

D'Kommissioun huet de Reservesystem vun der EU iwwerpréift. Pétrol ass a bleift déi wichtegst Energiequell um europäeschen Niveau. An et ass dowéinst extrem wichtig, d'Versuergungs-

sécherheet ze verbesseren an esou d'Auswierkung vum enger eventueller Kris ofzufriederen.

Dës Risiko sinn evidentement net reng theoretesch. Zanter de 70er Joren huet de Risiko vun enger Perturbatioun um Pétrolsmaat net ofgehol. Am Géigendeel, deen ass nach ëmmer extrem aktuell. An dat huet ganz oft mat de Produktiounskapacités ze dinn. Dat huet och mat de geopolitischen Tensiounen ze dinn. A wann ee weess, wat haut am Noen Oste lass ass, wann ee weess, wéi d'Pétrolspräisser an der leschter Zäit op- an ofgaange sinn: Haut si se déif, mä wie weess, wat muer geschitt? Wie weess, ob net eng Rei Staten op eemol decidéieren, d'Produktiounskapacités aus welche Grënn och ëmmer staark ze limitéieren, soudatt dee Moment d'Capacitéit bei eis Problemer stellt?

Dat kann och vun Naturkatastrophen ofhänken. Ech weess net, wie sech nach un 2005 erënnere kann, wéi de Wirbelsturm Katrina an den USA d'Pétrolscapacités esou erofgesat hat, datt et an den USA, och weltwäit, Problemer gouf mam Approvisionnement. Alles dat si Saachen, déi net wäit vun eis ewech leien an déi all Moment kënnen virkommen a wou ee muss e System an Europa opbauen, dee logesch an dee sënnvoll ass.

Ech ka mech d'ailleurs och nach erënneren, datt mir virun dräi, véier Joer - dat ware sengerzäit dem Här Schneider säi Virgänger, den Här Krecké, an ech selwer - duerch d'Land gepilgert sinn an enger Zäit, wou mer e ganz, ganz staarke Wanter fir zwou, dräi Wochen hatten, dee mat sech bruecht hat, datt op där enger Säit d'Stroossen zougefruen waren, deelweis d'Autobunnen am Ausland zougemaach gi sinn, an datt op där anerer Säit en Accident op der Musel an um Rhäin war, deen och de Waasserwee zougemaach huet. Dat heescht, et ware keng Schëffer méi komm. An zur selwechter Zäit hate sech eng Rei Grëven op der Bunn déclenchéiert, soudatt den Approvisionnement iwwert den Zuch och net konnt gemaach ginn.

Dee Moment war et effektiv net evident. Ech war do méi concernéiert mat de Salzreserve fir Ponts et Chaussées. Den Här Schneider war concernéiert mat de Pétrolsreserve sengerzäit. An do huet ee gesinn, u wat fir engem seidene Fuedem dat heiansdo hänkt, wann een déi Reserve vun deem engen an deem aneren net huet, net grëffbereet huet, net präsent huet zu deem Moment, wou ee se brauch, wéi schnell et ka goen a wéi schnell een iergendwou a Problemer kann erakommen.

Dat ass elo e ganz klengt Beispill. Ech mengen, déi europäesch Direktiv, déi geet nach op ganz aner Problemer an. Mä dat war just, fir am Fong ze beweisen, wéi wichtig et ass, datt mer an deem ganze System do zu Lëtzebuerg matmaachen.

D'Energieversuergung ass haut zu Lëtzebuerg duerch e Reglement vun 31. Oktober 1973 geregelt. Dat gesäit ënner anere eng Lagerungsverpflichtung, eng Obligation de stockage, um nationale Plang vir, wéi och eng obligatoresch Deklaratiounsprozedur fir den Importeur, wéi och d'Verpflichtung fir déi betraffe Persounen, gewësse Reserven ze halen. D'Reglement vun '73 gëtt mam virleiende Projet de loi ofgeschafft, mä eng ganz Rei vu Moosnamen, vun Dispositiounen ginn iwwerhol, wéi zum Beispill de Prinzip vun enger Obligation de stockage oder d'Deklaratiounsprozedur fir den Importeur, déi ënner enger adaptierter Form weidergefouert gëtt.

Mir hunn also elo schon eng Rei vu pertinente Moosnamen, déi mer och weider behale wäerten, mä mir optiméieren haut de Kader. De Kader gëtt méi komplett a méi kloer, wat och d'Obligatione fir den Importeur ugeet, fir zu all Moment sécherzestellen, datt e gewëssene Sécherheitsniveau disponibel an zougänglech ass. De Prinzip vum Stockage um nationalen Niveau bleift erhalen, mä do dernieft gëtt och d'Méiglechkeet vun engem Stockage um regionalen an um europäeschen Niveau agefouert.

Et ass ganz kloer, datt d'Reserve solle prioritär zu Lëtzebuerg stockéiert ginn. Et muss een awer och der Realitéit vun eise Land Rechnung droen. Mir sinn e klengt Land an eis Lagerungskapacités ginn net duer. An de Statsrot huet a sengem Avis d'Méiglechkeet fir den Importeur, de Stockage de sécurité och ausserhalb vu Lëtzebuerg ze halen, zwar kritiséiert. Obwuel dës Kritik berechtigt ass, ass et awer fir eis inévitable, datt mer fir eng Partie vun de Sécherheitsstocken och d'Méiglechkeet hunn, fir se am noen Ausland ze lagere. D'ailleurs, mengen ech, gesäit... net mengen ech, mä weess ech, datt d'Direktiv déi Méiglechkeet och tel quel virgesäit.

Wat wichtig ass, ass, datt garantéiert gëtt, datt eng Partie vum Stockage de sécurité no bei eis wäert sinn an datt d'Reserven esou ouni Weideres op Lëtzebuerg kënnen bruecht ginn.

De virleiende Projet gesäit nach eng Rei vu Moosnamen, vu Punkten oder wichtegen Elementer vir, op déi ech momentan net wëll agoen, well de Rapporteur dat an allem Detail gemaach huet. Et ass nach ee Punkt, deen ech wëll hei opgräfen. Dat ass d'Kreatioun vun enger Agence nationale de stockage, déi geschafe soll ginn.

Dës Agence soll ënner anere d'Pétrolsstocke kafen, erhalen, géréieren oder nach verkafen. Si soll kënnen wéi all aneren Operateur um Pétrolsmaat agéieren. Dës Agence soll ënnert der Form vun engem Établissement public fonctionnéieren. D'Direktiv vun 2009, déi hei transposéiert gëtt, gesäit d'Méiglechkeet vir, fir zentral Entitéiten ze schafen, mam Zil, den nationale Lagerungssystem ze verbesseren.

D'CSV gesäit net richtig d'Opportunitéit, en Établissement public ze schafen. Am Mee d'lescht Joer hate mer an der Kommissioun en Échange de vues mam Minister a mat senge Beamten doriwwer. Mir sinn a bleiwen der Meinung, datt d'Missiounen vun dëser Entitéit, esou wéi se am Gesetz libelléiert sinn, duerch aus vum Ministère selwer kéinten iwwerhol ginn.

D'Explikatiounen vum Minister a vu senge Beamten, déi vun der Flexibilitéit a vun der Onofhängegkeet vun esou engem Établissement public geschwat hunn, hunn eis dee Moment an och haut net iwwerzeegt, éischstens, well mer mengen, datt d'Onofhängegkeet, déi d'Regierung gären an d'Vitriinn stellt, fir hire Choix ze rechtfertegen, dach zimlech relativ ass, wann een d'Zesummesetzung vum Conseil d'administration kuckt. Sécher ass den Artikel 52 ofgeännert ginn, wou déi Beamten net méi hire Ministère respektiv hire Minister representéieren. Nach kann een hei net, wann ee wëllt vun enger Onofhängegkeet schwätzen, dat esou an d'Vitriinn stellen.

Mir gesinn hei, datt och an der Zesummesetzung vun deem Établissement public, deen a sech aus engem Conseil d'administration besteet, wou siwe Membere genannt ginn - dräi aus dem zoustännege Ministère, een aus der Économie, een aus dem Budget, een aus den Travaux public, een aus den Transports -, datt hei siwen héich Beamten an engem Conseil d'administration zesummekommen, fir an enger éischter Etapp emol een Direkter an een Employé anzustellen.

Mir fannen, datt déi Organisatioun, esou e Conseil d'administration, deen esou ausgestatt ass, fir a sech déi Aarbechtskräften dann anzustellen an ze géréieren, awer eng Aart a Weis ass, fir deelweis mat Kanounen op Spatzen ze schéissen an domat eng Administratioun an en Apparat en place ze setzen, deen iwwerdisproportionéiert ass fir dat, wat en fin de compte duerno soll aus där ganzer Saach erauskommen.

En résumé: Mir begrëssen d'Mise en place vun där Transposition vun der Direktiv an d'Gesetz. Mir deelen och déi Zilsetzungen, déi hei stinn. Mir deelen net dee Choix, dee gemaach ginn ass, deen net eng Obligation vun der Direktiv ass, fir hei en Établissement public ze kreéieren. An aus deem Grond wäerte mir eis hei bei deem Gesetz enthalten.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Wiseler. Nächste Riedner ass den Här Max Hahn.

► **M. Max Hahn (DP).** - Här President, Dir Dammen, Dir Härren, fir d'Éischt wëll ech dem Rapporteur Merci soe fir säin exzellente schrëftlechen awer och mündleche Rapport.

D'Haaptzil vun deemem Projet de loi ass et ze garantéieren, dass eist Land genuch Pétrolsreserven huet, fir weiderhin ze fonctionnéieren, falls d'Pétrolsversuergung vu Lëtzebuerg ënnerbrach wier. Dëst kéint zum Beispill de Fall si bei enger Terrorattack, bei enger Naturkatastroph oder wann e Krich a pétrolproduzéierende Länner géif ausbriechen, mä och, wann zum Beispill e Feier an enger Raffinerie entsténgt, Autobunne gespaart wieren oder e Streik bei der Bunn wier.

Här President, Lëtzebuerg ass e klengt Land, dat 100% vu senge Pétrolsproduiten importéiere muss. Fir mech ass et wichtig, dass trotz dëser Ofhängegkeet bei eis eng Versuergungs-sécherheet garantéiert ass. Et ass net nëmmen fir eis Économie, mä och fir eis Bierger wichtig, dass eist Land nach ka weider fonctionnéieren, wann e puer Deeg keng nei Liwwerunge méi mat Pétrol kommen. Duerch dëst Gesetz gëtt garantéiert, dass eis Reserven, déi mer huele mussen, duerginn, fir dass esou eng Situatioun ni antriede wäert.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Nieft dem obligatoreschen Stock, deen der Quantitéit vun 90 Deeg entsprécht, mussen mer

och garantéieren, dass dës Sécherheitsstock, deen och „stock dormant“ genannt gëtt, permanent disponibel an accessibel ass. Lëtzebuerg muss och detailléiert Buch féieren, fir dass d'Europäesch Kommissioun à tout moment weess, wéi vill Reserve mer hunn, wou eise Sécherheitsstock sech befënnt a wéi en zesummegeallt ass.

D'Pétrolsimportateuren, déi hir Produiten hei am Land verkafen, ginn awer och an d'Verantwortung geholl a mussen dofir dës Reserve lagere. Momentan gëtt nach duerch Ausnahmeregelungen toleréiert, dass e Pétrolsimportateur seng Reserven integral am Ausland därëf stockéieren. Domat wäert elo Schluss sinn, soudass jiddwer Importateur genuch Reserven hei am Land muss stockéieren. Vu dass d'Lagercapacités hei am Land awer begrenzt sinn, wäert e groussherzoglecht Reglement festleeën, wat fir eng Quantitéit si hei am Land, an der Groussregioun an och doriwwer eraus mussen stockéieren.

Fir genuch Reserven ze hunn, muss een awer och genuch Lagere hunn, fir dës Reserven ze stockéieren. An do gesinn ech e Problem. Momentan hu mer zu Lëtzebuerg Stockagecapacités vun 196.000 m³ fir de Stock commercial an de Sécherheitsstock. Well fir verschidden aktuell Pétrolsdepoten d'Autorisatiounen auslafen an net gewosst ass, ob dës verlängert ginn, riskéieren eis Stockagecapacités bis 2020 op just nach 70.000 m³ ze falen.

Zu Mäertert ass elo e Kommodo ugefrot gi fir d'Erweiterung vun de Lagercapacités, fir déi vu 60.000 m³ op 90.000 m³ ze erhéien. Dës Erweiterung, déi scho säit 2007 geplangt ass, ass och batter néideg. Ech perséinlech fannen de Standuert Mäertert fir zousätzlech Lagercapacités ideal. D'Liwwerunge kënnen per Schëff oder Zuch ëmweltfrëndlech a bëlle ukommen. En plus ass d'Autobunnsopfahrt op nëmmen 100 m.

Mä och hei muss garantéiert sinn, dass déi elementar Sécherheitsregelen an Distanzen agehale ginn, fir d'Liwwensqualitéit vun de Bierger aus den Nopeschgemengen net ze beaflossen. Ech verstinn och déi Leit, déi keen Tanklager virun hirer Hausdier wëllen. Ech als Dippecher Jong si mat engem Tanklager a menger Gemeng grouss ginn. Ech hu mech dowéinst awer ni onsécher gefillt. Als Pompjee weess ech och, dass streng Sécherheitsmesuren agehale mussen ginn an dass d'Rettungsdéngschter regelméisseg den Noutfallzeenario üben.

Bei Tanklagere ass et besonnesch wichtig, dass déi néideg Distanzen zu Wunngebiddern respektéiert ginn. Et därëf nämlech net sinn, dass en Tanklager d'Liwwensqualitéit vun de Leit beaflosst. Et muss och séchergeallt sinn, dass déi adequat Sécherheitsmesurë getraff sinn, sief dat beim Schutz vum Grondwaasser, mä och, wat de Brandschutz ugeet.

Här President, d'Stockagecapacités zu Lëtzebuerg si limitéiert. Momentan huet Lëtzebuerg Stockagecapacités fir plus/minus 20 Deeg, woubäi d'Halschent dovun als nationale Sécherheitsstock blockéiert ass. Dat heescht also, dass de Stock commercial, also deen Undeel, deen d'Pétrolieren um Marché verkafe kënnen, just fir zéng Deeg Consommation duergéet.

D'Consommation vun Pétrolsproduiten ass déi lescht Jorzéngte stänneg an d'Luucht gaangen. Et ass awer net sécher, dass deen Trend unhält. Momentan gëtt nämlech viles ënnerhol, fir d'Consommation vun Pétrolsproduiten ze reduzéieren. Dofir ass et méiglech, dass an Zukunft de Besoin u Pétrolsproduiten net méi klëmmt, mä éischter nach ofhuele wäert.

Eis Gesellschaft huet déi lescht Jore vill Progrès gemaach a Saachen Energieeffizienz. D'Camionen an d'Autos verbrauche manner Sprit. D'Mazoutsheizung ginn ëmmer méi rar a ginn duerch Gasheizung oder, besser nach, duerch Pelletsheizung ëmweltfrëndlech ersat. Duerch Efforten, déi bei der Isolatioun vun eise Gebaier gemaach ginn, sief et bei Passivhauser oder Niddregenergiehauser, muss och manner gehëtzt ginn. Elektroautos verbrauche souguer guer kee Bensin. An d'Industrie probéiert, hir Käschen ze drécken, andeems se méi energieeffizient produzéiert. All dës Efforten droen dozou bäi, dass d'Consommation u Pétrolsproduiten an Zukunft éischter ofhuele wäert.

Donieft ass eis Bevëlkerung awer rasant geklommen. Mä d'Lagercapacités fir Pétrolsproduite sinn net erweidert ginn. Neen, et riskéieren der souguer éischter ewechzefalen. Momentan ass just d'Erweiterung zu Mäertert geplangt. Dofir ass et wichtig, dass mir eis Gedanke maachen, fir déi néideg Lagere unzeleeën, déi mer brauche fir eis obligatoresch Reserven.

Här President, ech wëll awer och hei betounen, dass dës Projet de loi net definéiert, wou nei Tanklagere wäerten entstoen. Et geet also net drëm ze debattéieren, wou se sollen entstoen,



mä et muss ee sech bewosst sinn, dass der müssen entstoen!

Wat elo d'Agence nationale de stockage de produits pétroliers ugeet, déi duerch dëse Projet de loi virgesinn ass, wëll ech Folgendes soen: Esou eng Agence gëtt et a bal all eisen Nopeschlänner. Dës Agence wäert als Haupt-mission d'Gestioun vun eisem nationale Sécherheestsstock u Pétrolsprodukten hunn. Firdeen ze géréieren, ka se Stockagecapacités lounen oder bauen.

Ech sinn der Meinung, dass déi bescht Léisung wier, dass dës Agence Investisseure fénnt, fir Lagercapacités ze bauen, an dës da bei hinne lount, fir hiren Obligationen nozekommen.

Et ass och esou, dass d'Pétrolsimporteuren, déi hei um Marché tätég sinn, net alleguer selwer Lagercapacités hei zu Lëtzebuerg besëtzen. Déi, déi keng hunn, mussen Lagercapacités bei deene lounen, déi der hunn. An do kann et da schlëmmstefalls zu wettbewerbsverzerrende Situatione kommen. Dofir ass et wichteg, dass dës Agence, déi jo als Aufgab wäert hunn, en Deel vun den obligatoreschen Reservestocke vun den Importeuren ze géréieren, schnellstens entsteet. Si muss derfir suergen, dass et tëscht all den Akteuren op deem Marché hei zu Lëtzebuerg en „level playing field“ gëtt, wat d'Lagere vun obligatoreschen Reserven ugeet.

Dës gesot, ginn ech den Accord vun der Demokratescher Partei an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci dem Här Hahn. Als nächste Riedner ass ageschriwwen: den Här Gérard Anzia. Här Anzia, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gérard Anzia** (*déi gréng*). - Merci, Madame Presidentin. Léif Kolleeginnen a Kollegen, e grouse Merci dem Frank Arndt fir säin exzellenten, ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport. Eng ganz Partie Saache sinn opgegraff ginn, virun allem och zu där nei ze schafender Agence de stockage, wourop ech dofir elo hei net wëilt am Detail agoen. Mä e puer Iwwerleeungen hunn ech awer elo hei unzehrëngen, déi mat deem Projet de loi verbonne sinn.

Fir d'Éischt emol den Titel vum Projet de loi, dee kéint een e bëssen irleeden, fannen ech. Well hei geet et jo net drëm, de Maart vun den Uelechprodukter zu Lëtzebuerg nei oder anescht ze organiséieren, mä et geet un éischter Stell drëm, d'Reservcapacités zu Lëtzebuerg fir all d'Pétrolsprodukter, sief et Bensin, Diesel, Mazout, Kerosin oder anerer, sécherzestellen an en neie legislative Kader dofir festzeleeën.

Mir sinn zu Lëtzebuerg jo och an enger ganz spezieller Situation, dass mer am Moment eng Gesetzgebung hu vun 1973, wou u sech eng Reservcapacitéit virgesinn ass vu 45 respektiv 55 Deeg a wou mir awer aktuell nëmmen eng Capacitéit hu vun zirka 20 Deeg, entspriechend 200.000 m³. Mir ginn also där aler Gesetzgebung net méi gerecht an dofir mussen mer och elo hei aktiv ginn.

Op där anerer Säit, léif Kolleeginnen a Kollegen, do sidd Der jo all mat mir averstanen, dass de Verkauf vu Pétrolsprodukter an de leschte 40 Joer staark zougehooll huet. Mir sinn am Moment op enger Consommation vun zirka 10.000 Fudder pro Dag. Erschweierend kënnt an deem Dossier och nach derzou, dass vun eise bestehende Sitte vu Bartreng, Holle-rech, Leideleng, Findel, Mäertert, Dippech der mussen bis 2020 eng Rei zougemach ginn, well se eben de Bestëmmungen net méi entsprechen, sief et ze no beim Wunraum sinn oder Ahnleches. Ech denken do just u Bartreng, wou déi Lageren, eis gréisst Lageren, u sech quasi mëtten an engem Wunnegebitt leien.

Bis 2020 geet eis also hei am Land eng grouss Capacitéit verluer. Mir ginn erof vun deenen zirka 20 Deeg op nach zirka 7 Deeg, wann net elo gehandelt gëtt. An dofir, menger Meinung no, muss och elo gehandelt ginn.

Richtig ass awer och, dass mer eng Reservcapacitéit - ausserhalb vun deenen 20 Deeg - am Moment vun 73 Deeg am Ausland reservéiert hunn, sief et an der Belsch, an Holland oder a Frankräich. Ech fannen, dat ass och vertriebar, wann ee weess, dass mir vun dëse Länner och de Gros vun alle Pétrolsprodukter bezéien. Eng eenzeg Ausnahm mécht do Däitschland, wou mer zwar zirka 17% bezéien, awer keng där Reservcapacités hunn.

Mir kënnen eis och elo hei zu Lëtzebuerg net nëmmen d'Kiische vum Kuch stibitzen. Mir müssen och, soen ech emol, de Kuch baken an d'Miel lagere, wëllt heeschen, Verantwortung iwwerhuelen. Wa mer op där enger Säit d'Suen aus dem Tanktourismus wëllen an eise Budget mat eranhuelen, da mussen mer op där anerer

Säit och natierlech d'Nuisancen akzeptéieren. An dozou gehéiert ënner anerem, nieft dem Verkéier, och de Stockage vun dëse Produkter.

Déi Nuisancë müssen awer esou kleng wéi méiglech gehale ginn. An natierlech muss „la meilleure technologie possible“ agesat ginn, dat am Sënn vum Schutz vum Mënsch a vun der Émwelt. Mir dierfen och eis Verflichtung grad am Émwelt- an am Klimaschutzberäich net vergiessen, net aus den Ae verléieren, wou mir dës Ofhängegkeet vum Tanktourismus menger Meinung no, der Partei hirer Meinung no, och müssen an Zukunft sécherlech hannerfroen. Mir si jo och amgaang, grouss Efforten ze maachen am Beräich vum Wunnen, vum Isoléiere vun den Haiser.

Wat elo d'Planung an d'Verdeelung vun dëse Reservcapacités hei zu Lëtzebuerg an Zukunft ugeet, esou muss ee vun den Hauptkritären natierlech dee si vun der Sécherheet, dem Zougang zu deene Lageren, also vum Transportnetz. D'Ubannung un d'Autobunn, un den Zuch an un d'Schëff sinn do en Haaptkritär.

En zweete Kritär muss sécherlech awer och dee geografesche Verbrauch am Moment sinn. Dat heescht, eis Pétrolslagere müssen natierlech och dohinner gebaut ginn, wou eis gréisst Tankstellen, eis gréisst Consommateure sinn.

Wa mer also op där enger Säit d'accord sinn, dass am Statsbudget all Joers Recettë vun de Steiere vun de Pétrolsprodukter ageschriwwen ginn, da mussen mer op där anerer Säit och domat d'accord sinn, dass déi bestehend anei Sitten zu Lëtzebuerg - dat ass de Revers vun der Medail - och mussen gebaut ginn. Dat muss mer a Kaf huelen. Alles anescht wier net éierlech!

Mä opgepasst, et gëtt am Liewen näischt fir näischt! Wa mir do zirka 750 Milliounen Euro Steieren am Budget hunn, déi mer duerch den Tanktourismus ënner anerem erakriegen, da stinn och Käschte fir Klimaschutz, Stroosseninfrastrukturen an effentlech Ausgabe fir d'Gesondheet vun de Leit deem géigeniwwer.

Ërem eng Kéier zrëck zum Projet de loi: Vu dass mer vun der Europäescher Kommissioun schonns de 25. September 2014 eng Mahnung kruten, well mer d'Délaien zu Lëtzebuerg fir d'Ëmsetzung vun der Direktiv vun 2009 net agehalen hunn, da wëll ech elo hei dee Prozess och net méi laang ophalen a ginn heimat den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci dem Här Anzia. Da fir den ADR den Här Reding.

► **M. Roy Reding** (*ADR*). - Merci, Madame Presidentin. Ech faasse mech ganz kuerz. Et ass bal alles gesot ginn zu dësem Projet, just nach net vu jiddwerengem.

D'Leit vum Ministère vum Här Schneider hunn hei eng exemplaresch Aarbecht geleescht. Et ass e ganz, ganz gudden Text, dee mir och wäerte matstëmmen. Ech deelen allerdéngs d'Kritik vum Här Wiseler, vum Kolleg Wiseler, datt siwe Leit an engem Conseil d'administration vun enger Agence nationale vläicht e bësselche wäit gegraff sinn. Mä nom CSV-Stat muss jo och de Gambia-Stat kucken, datt e seng Leit ënnerkritt.

Da ginn ech och de grénge Kollege ganz recht, wat d'Lageren ugeet. Et geet net duer, datt mer hei e Gesetz maachen iwwert d'Reserven, mir müssen och nach wëssen, wou mer déi Lageren opriichten.

Mä dem Kolleg Max Hahn soen ech: Macht lech keng Gedanken! Dir wäert gesinn, et geet wéi ëmmer an der Lëtzebuerger Politik, déi lokal rout, blo, gréng, schwaarz Leit wäerte järezen dergéint. Dir sidd derfir. An dann um Schluss kritt jiddwereen déi Stëmme vun deene Leit, wou e wunnt, an dann hutt Der nees Är Majoritéit. Voilà!

Also, mir stëmmen trotzdeem deenen heiten Text. Merci.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*). - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci, Här Reding. Ech gesi kee vun déi Lénk. Da géif ech der Regierung d'Wuert ginn. Ech proposéieren, fir dem Här Minister Etienne Schneider direkt d'Wuert ze ginn.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de l'Économie.* - Merci, Madame Presidentin. Wéi Der wësst a wéi de Rapporteur dat richtig gesot huet, geet et hei drëm, eng Direktiv vum September 2009 ëmzesetzen, wat de Stockage pétrolier ugeet. Et ass och esou, dass mer entretemps an enger Procédure d'infraction si vusäit vun der Europäescher Kommissioun, vun där mer en Avis motivé kritt hunn. Dofir sinn

ech lech ganz dankbar, dass mer dat haut evakuéiert kriegen an dann aus där Problematik erauskommen.

Et geet hei drëm, fir de Stockage national vun de Pétrolsprodukten ze regelen, dat souwuel op nationalem Plang wéi och op regionalem Plang. An ech wëll hei dat ënnersträichen, wat de fréieren MDDIs- an Transportminister, de Claude Wiseler, gesot huet: Mir waren zäitweis ganz, ganz no drun, dass mer um Dréchene gesiess hätten, well mer net genuch Capacités hei zu Lëtzebuerg haten. Mir haten, ech mengen, virun zwee oder dräi Joer war et, viru Chrëschttag, do hate mer nach genee fir een Dag Reserven. Wann dat dee Moment bekannt gi wär, wär natierlech all Mënsch an engem Rush op d'Tankstelle gerannt an dann hätte mer dréchegeleeën. Mir hunn dat deemools mat e puer, ech soen elo emol, Astucé verhënnert kritt.

Mä et ass esou an et bleift esou, dass mer müssen - an ech sinn och dem Här Anzia dankbar fir seng Aussoen - eis Responsabilitäten huelen, dass mer net op där enger Säit just kënnen vum sougenannten „Tanktourismus“ profitéieren an op där anerer Säit eis Responsabilitäten net huelen, fir de Stockage ze maachen.

An ech mengen, dat war deen eenzege Punkt, wou ech elo aus der Debatt héieren hu vum Här Wiseler, iwwert déi Agence de stockage, dass et do eng Différence de vue gëtt.

D'Agence internationale de l'énergie huet eis un d'Häerz geluecht an deene ville Gespréicher, déi mer mat hir haten, fir esou eng Agence de stockage ze maachen, aus deem einfache Grond, well et qualitativ méi Garantien doduerch gëtt, dass eise Stockage dann och kloer geregelt an assuréiert ass.

Dir musst wëssen, mir importéiere jo all eis Pétrolsprodukten a mir hu keng eege Raffinerien hei zu Lëtzebuerg. Dat heescht, mir sinn drop ugewisen, dass mer op dat, wat mer hei stockéiere respektiv wat mer an der Groussregioun stockéieren, och Accès hunn an domat eis Versuerungssécherheet kënnen garantéieren. Mir hunn och mat deene Länner geschwat, déi esou Agence geschafen hunn, wéi mir se elo haut hei schafen, an déi hunn alleguer ganz positiv Erfarunge gemaach.

An da vläicht zu deem Punkt vum Här Wiseler, wat den Établissement public ugeet: Do ass et effektiv esou, dass mer op en Établissement public wëllen zrëckgräifen, fir méi flexibel ze sinn, souwuel wat den Approvisionnement ugeet, dat heescht den Akaf vu Pétrolsprodukten, wéi och de Verkauf vu Pétrolsprodukten.

De Problem ass, wann een dat iwwert de Ministère géif regelen, wéi Dir dat proposéiert, Här Wiseler, dann hu mer ëmmer erëm budgetär Problemer, well mer da müssen Engagementer maachen a well dat alles Zäit kascht. A beim Pétrol ass et e bësse wéi bei Aktien, do kënnt et op dee richtige Moment un, fir zouzepräifen. Zemoos an deene Quantitéiten, vun deene mer schwätzen, geet et heiando ëm Minutten oder Stonnen, dann ass de Präis an anerem. An déi ganz budgetär Prozeduren, déi een hätt, wann een dat iwwert de Ministère géif regelen, géifen eis do Geld kaschten.

Wat de Conseil d'administration ugeet, Här Wiseler, do hutt Der fonnt, dass ze vill Ministère dora vertruede sinn.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Ech wëll lech just drop opmierksam maachen, dass, wéi Dir nach zoustänneg Minister waart, Äert Haut drop gehalen huet, dra vertrueden ze sinn.

► **Une voix.** - Ooh!

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de l'Économie.* - Ech kann lech hei soen, dass ech ganz gären...

► **M. Claude Wiseler** (*CSV*). - Ech hunn net gesot „ze vill Ministère“, mä „ze vill Leit“ am grouse Ganzen.

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de l'Économie.* - Ech kann lech garantéieren, Här Wiseler, dass ech ganz gär och déi Agence de stockage selwer géréieren, ouni dass nach aner Ministère dora sinn. Mä dat war deemools op Är Demande...

► **M. Claude Wiseler** (*CSV*). - Da kann et jo schéi ginn, sot.

(Hilarité)

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de l'Économie.* - Dat war deemools op Är Demande hin.

(Interruption)

► **Une voix.** - Dat ass scho laang hier.

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de l'Économie.* - Dat ass scho laang hier. Ech wëll awer och hei betounen, dass mer den Text op Är De-

mande hin oder op Är Kritik hin awer dohi-goend geännert hunn, dass mer zwar wuel als Ministère Leit doran designéieren, mä dass dat keng Beamte mussen vun deene jeeweilege Ministère sinn, mä dass dat duerchaus kënnen Experten oder extern Experte sinn.

Et ass awer wichteg, dass déi verschidde Ministère vertruede sinn, fir eng Vue op deen Dossier do ze hunn, deen awer net onwichtig ass. Fir de Rescht ass et esou, dass déi meescht Agencen, déi mer an den europäesche Länner hunn - a se si bal an hinnen allegueren -, separéiert si vum Ministère selwer, dee sech ëm d'Énergie këmmert. An dofir, mengen ech, si mer hei um richtige Wee.

Voilà. Dat gesot, soen ech dem Rapporteur nach eng Kéier e grouse Merci. Ech soen alle Riedner e grouse Merci an ech soen alle Fraktiounen e Merci fir déi wierklech jorelaang Diskussiounen, déi mer op deem Projet haten, an dass mer en elo haut hei stëmme kënnen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci och dem Här Minister.

► **M. Michel Wolter** (*CSV*). - Parole après ministre.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Den Här Wolter huet Parole après ministre.

► **M. Michel Wolter** (*CSV*). - Här President, ech wollt e puer Wieder trotzdeem soen, an enger duebeler Fonctioun, déi ech bekleeden, well ech drop gewaart hunn, ob den Här Minister géif oder net e Sujet uschwätzen, deen awer vun enger Rei Virriedner ugeschwat ginn ass.

Et ass mengen Informatiounen no nämlech net esou, dass d'Sitte géife gesicht ginn. Et ginn ëmmer Sitte gesicht, mä ech ka mech drun erënneren, dass viru véier Joer - fënnf Méint virun de Gemengewahlen - de Buergermeeschter vu Suessem an ech selwer d'Visite hate vun zwee Ministere, déi eis gesot hunn: „Et muss d'urgence eppes geschéien. A mir hunn eng Flächenetüd gemaach iwwert d'ganz Land, d'Landesplanung, de Stockage, den Arrivage iwwert den Zuch an iwwert d'Strooss an iwwer alles. A mir hunn dräi Sitten erausgesicht.“ Dat ass e Site am Mäerterter Hafen, dat ass e Site zu Leideleng, deen awer och tangéiert op d'Gemeng Lëtzebuerg, an et ass e Site, deen an der Gemeng ass, an där ech Buergermeeschter sinn.

Et ass also mengen Informatiounen no net esou - oder Dir misst eis dat elo soen, dass Der amgaange sidd, komplett nei Sitten ze sichen -, mä et steet fest: Viru véier Joer - a kuerz virun de Gemengewahlen, wéi gesot - ass dat geschitt!

An dunn hunn zwou Gemenge gesot, si wären absolut net domadder d'accord. An dat wëll ech nämlech och soen, iwwert den NIMBY: Et huet eng Gemeng gesot, si wär net onbedéngt dergéint, well se géif agesinn, dass landesplaneresch an approvisionnementsméisseg an esou weider e Site, deen annerhallwe Kilometer vun der éischter Uertschaft ewech wär, scho géif Sënn maachen, besonnesch wann et am Süde vum Land wär, deen no regionale Kritäre jo och do ausgesicht ginn ass.

An dat, wat ech lech wëll soen, Här Minister, dat hunn ech Ärem Virgänger scho gesot, an ech hunn et och Ären anere Kollege gesot: Wann ee sechs Méint oder fënnf Méint virun de Gemengewahlen bei Buergermeeschtere geet, fir hinnen ze soen: „Mir hunn eng relativ désagréabel Neigkeet fir lech. Sidd Dir bereet, dat ze maachen?“, an et seet ee jo, an duerno héiert ee véier Joer näischt méi - véier Joer näischt méi! Keen ee Kontakt, vu kengem Ministère, an deem Dossier! Je trouve ça pas très sérieux!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Jo, Merci dem Här Wolter. Dozou den Ekonomiesminister.

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de l'Économie.* - Jo, ech wëll just dem Här Wolter soen, wann e vu véier Joer schwätzt, da kann e mech net gemengt hunn als Minister, dee bei him war, well ech sinn à tout casser dräi Joer Minister. Also muss do en lertum virleien.

Ech menge just, eent ass ganz kloer: Mir hunn dräi Sitten definéiert. Dir hutt se opgezielt a mir stinn natierlech zu deene Sitten. Mä ech sinn haut express net op déi Sitten agaan, well ech hei keng Polemik iwwer Sitten haut wollt hunn. Dovun ofgesi sinn déi an de Plansectoriellen da virgesinn a se ginn och an deem dote Kader diskutéiert, souwuel mat de Gemenge wéi och mam Public. An dofir wollt ech et dobäi beloossen.



Mä wann Der wëllt, kënnen mer awer och nach gär eng Debatt iwwert déi Sitten an hir Protagonisten, respektiv déi, déi sech dergéint wieren, féieren. Mä ech mengen net, dass dat an de Kader vun deem heite Gesetz passt.

Mä eent ass kloer: wa mer déi Agence de stockage do grënnen, dass mer och parallel musse Sitten hunn, wou mer de Stockage pétrolier kënnen assuréieren. An ech mengen, dass eng Rei Riedner dorobber agaange sinn.

Merci.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Här President, ech wollt dem Här Schneider dorobber äntweren, dass ech a kengem Moment gesot hunn, hie wär do gewiescht. Ech hu gesot: „D'Regierung war do mat zwee Ministeren“, an ech hunn him kee Reproche gemaach. Ech hu just d'Fro opgeworf, wann de Stat vun de Gemenge gäre Saachen hätt an et kritt ee véier Joer, nodeem ee gebiede gouf, innerhalb vun enger Woch ëffentlech Versammlungen ze maachen - véier Joer duerno!, egal, wien de Minister ass, egal, wat fir eng Faarf dass et ass -, als Gemeng ni méi e Feedback - ni méil -, ech hunn d'Fro gestallt: „Fannt Der dat seriö?“

Meng Äntwert ass: Ech fannen dat net seriö! Besonnesch wa jiddwereen heibanne seet, wéi noutwendeg et ass, wéi wichteg et ass, dass mer déi Lager hunn. Et gëtt een zesummegetrommelt an duerno geschitt näischt méi!

Wann also d'Regierung sech heiansdo wonnert, dass d'Gemegepolitiker - dat war eigentlech de Message, deem ech dem Här Minister wollt ginn - net méi esou schrecklech begeeschtert sinn, fir eng Rei Saachen ze maachen, da soll ee sech heiansdo d'Fro stellen, firwat dass dat ass! An deem heite präzise Punkt hunn ech eng ganz konkret Äntwert.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Ech mengen, de Message war kloer, an ech mengen, de Message ass och verstanen. Dofir kënnen mer...

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de l'Économie*.- Ech mengen, de Message, dee gëllt jo da fir een CSV-Minister an ee freieren LSAP-Minister. Mä ech huelen en awer gäre mat op de Wee fir dann d'Zukunft.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Ech wëll just soen, dass den Energieminister responsabel ass fir d'Implantatioun vun den Tanken. Den CSV-Minister, deem Dir gemengt hutt, ass responsabel fir de Contournement vun der Strooss. Ech wëll lech just ganz kloer soen, wéi d'Rollenopdeeling war an ass!

(Brouhaha général)

► **Une voix**.- Ech schenken dem Här Wolter meng Tanken.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ech mengen, doriwwer kënnen mer och nach eng Kéier en Débat maachen, mä mir sinn awer haut den Owend um Enn vun deem ukomm an ech géif dann direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet 6533 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6533 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

57 Deputéiert hunn un der Ofstëmmung deelgeholl. 34 hu mat Jo gestëmmt, bei 23 Abstentiounen. Ech ginn dovunner aus, dass d'Abstentiounen motivéiert sinn.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Eugène Berger), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par Mme Nancy Arendt), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc

Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet.

Ech wollt awer trotzdem froen, ob d'Chamber bereet ass, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn.

(Assentiment)

Dat ass dann esou décidéiert.

(Interruption)

Jo, et war zwar en zaghafte Jo, mä et war e Jo.

Da soen ech lech Merci, a mir géifen zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Do geet et ëm de Projet 6667, eng Ofännerung vun enger Direktiv iwwert d'Autorerechter. An do huet direkt d'Wuert de Rapporteur, den Här Claude Haagen.

5. 6667 - Projet de loi portant transposition de la directive 2011/77/UE du Parlement européen et du Conseil du 27 septembre 2011 modifiant la directive 2006/116/CE relative à la durée de protection du droit d'auteur et de certains droits voisins et ayant pour objet de modifier la loi modifiée du 18 avril 2001 sur les droits d'auteur, les droits voisins et les bases de données

Rapport de la Commission de l'Économie

► **M. Claude Haagen** (LSAP), *rapporteur*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 6667 huet als Objet, d'EU-Direktiv 2011/77 ëmzesetzen an dat bestehend Gesetz vum 18. Abrëll 2001 iwwert d'Droit-d'auteurs, d'Droits voisins an d'Bases de données ze änneren, fir datt eis national Gesetzgebung konform zu dësen europäeschen Normen ass. Déi nei Direktiv modifizéiert och déi al Direktiv 2006/116, déi d'Dauer vum Schutz vum Urheberrecht concernéiert.

Dëse Projet de loi gouf de 17. Mäerz 2014 vum Wirtschaftsminister déposéiert. D'Ekonomieskommissioun huet sech déi Éischte Kéier den 2. Oktober 2014 mat dem Projet auserneegeat, an den Avis vum Statsrot ass op deem Datum an där Kommissioun analyséiert ginn. De 25. November 2014 huet de Statsrot an engem Avis complémentaire d'Amendementen positiv aviséiert, an d'Kommissioun huet dëse Rapport vun dem Projet de loi de 15. Januar vun dësem Joer ugeholl.

D'Direktiv 2011/77 hätt scho sollen den 1. November 2013 transposéiert sinn. Dowéinst krute mer de 16. Oktober 2014 en Avis motivé vun der Europäescher Kommissioun. An deem Kontext soll awer och gesot ginn, datt mer hei zu Lëtzebuerg net vill Jurisprudenzen an dësem Domän verlieden hunn, soudatt d'Regierung op d'Transpositioun vun dëser Direktiv vun eise belschen a franséischen Nopere gewaart huet.

Den Haaptobjektiv vun dëser Direktiv an domadder dësem Projet de loi ass, de Kënschtler an Duersteller, also deene Leit, déi virdroen, en adequaten Niveau u Schutz ze garantéieren. Heimadder soll hir kreativ kënschtleresch an artistesch Kontributioun a Leeschtung unerkannt ginn. A genau dowéinst soll ënner anerem och d'Dauer vum Urheberrecht verlängert ginn. Fir prezis ze sinn, hei geet et ëm Kënschtler, déi vun den Droits voisins, oder aneschtens genannt dem Leeschtungsschutzrecht, profitéieren.

Ech erënneren drun, datt Lëtzebuerg schon 1997 d'Dauer vum der Protektioun vun 20 op 50 Joer fir déi ausübend Kënschtler an Tounträgerproduzenten, also am Audiobereich, verlängert huet. Elo gëtt déi Dauer, an dat ass am Fong den Haaptmessage, op 70 Joer eropgesat. Dëst ass e vertriebbar Schrëtt, wann ee bedenkt, datt d'Kënschtler ëmmer méi jonk ufänken an datt d'Dauer vun deene 50 Joer ze kuerz ka sinn, fir vun deene Revenue vun hire Wierker bis zum Liewensenn ze profitéieren.

No der Prestatioun oder der Verëffentlechung fänkt d'Urheberrecht beim Kënschtler, beim Artist un. Wat d'Produzente vu Phonogrammen ugeet, also och Audio-Opzeechner genannt, gëtt fir si d'Dauer och op 70 Joer verlängert, ausser si hätten net an deenen éischte 50 Joer eng zoulässeg Kommunikatioun gemaach.

Kënschtler hunn an der Realitéit oft Schwierigkeiten, d'Revenue vun hire Wierker bis zu hirem Liewensenn ze kréien, oder Problemer, fir hir Rechter anzekloen, dëst ass Käschtegrënn, Noweisgrënn oder Zäitgrënn.

D'Artiste brauche schon eleng aus soziale Grënn eng finanziell...

(Coups de cloche de la présidence)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Dir Lexen aus der zweeter Reil

► **M. Claude Haagen** (LSAP), *rapporteur*.- Da sinn ech frou, datt ech an der éischter Rei sinn.

(Hilarité)

Wéi gesot, d'Kënschtler hunn oft Schwierigkeiten, d'Revenue vun hire Wierker bis zu hirem Liewensenn ze kréien, oder Problemer, fir hir Rechter anzekloen. Dat hunn ech elo grad gesot. Dofir brauche se schon eleng aus soziale Grënn eng finanziell an eng zäitlech Ofsécherung vun eben hire Wierker. Dës a weider Ännerunge féieren dozou, datt et an deem Domän vill méi gerecht zougeet.

Ech wëll hei nëmmen op e puer Punkte vun dësem Projet de loi ganz kuerz agoen. D'Ofsécherung gëtt also am Audiobereich, bei den Tounträger, vu 50 op 70 Joer gehuewen. D'Rechter an d'Protektioun vun de Filmproduzenten bleiwe bei 50 Joer.

D'Kënnegung vun de bestehende Kontrakter tëschent den Artisten an de Kënschtler mat de Producteuren ass an der internationaler Konvention zum Schutz vun den Artisten verankert an och determinéiert. No engem Préavis vun engem Joer kann dëse Kontrakt gekënnegt ginn, wann de Producteur oder de Radiosender hir Obligatiounen net anhalen.

En anere Punkt betrëfft d'Cessiounskontrakter oder d'Transferrechter tëschent de Producteuren an den Artisten. De Producteur muss 20% vum Total vun de Rechter - Distributiounsrechter, Reproduktiounsrechter, d'Mise à disposition an esou weider - garantéieren, an dat fir all ganz Joer no deene virgenannte 50 Joer.

Mat dësem Projet de loi gëtt och de Prinzip agefouert, datt d'Artiste während der Verlängerung vun hire Rechter Redevancen oder Rémunératiounen kréien, déi net an de bestehende Kontrakter waren oder definéiert sinn.

D'Harmonisatioun vun der Dauer vun der Protektioun vun de musikalesche Kompositiounen, wou Musek an Texter entstane sinn, fir zesummen opgefouert oder gespillt ze ginn, ass e weidere Punkt vun dësem Projet de loi. D'Ënnerscheeder, d'Differenze vun der Protektiounsduer an der Gesetzgebung vu verschiddenen europäeschen État-membré souwéi de Principe vun der libre Circulation vun de Services a vun de Wuere bréngen mat sech, datt d'Rechter während 70 Joer nom leschte Verstuerwenen, an dësem Fall entweder dem Auteur vum Text oder dem Compositeur vun der Musek, garantéiert sinn.

All weider Detailer zu dësem Projet de loi fannt Der a mengem schrëftleche Rapport, an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn natierlech den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Haagen. Éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Laurent Mosar.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Jo, Merci, Här President. Fir d'Alleréischte Merci dem Rapporteur, deem an engem technesch schwierge Sujet eng exzellent Aarbecht gemaach huet, souwuel schrëftlech wéi mëndlech.

Mir wäerten och dee Projet stëmmen, allerdings net mat där allergréisster Begeeshtung. Net wéinst deem heite Projet, mat deem mer parfaitement kënnen liewen, mä et muss ee jo wëssen: Hei geet et elo just ëm d'musikalesch Rechter an déi, déi dovunner ofhänken. Déi nächst Etapp wäert kommen. Do kommen dann och all déi aner Leit, déi Autorerechter ze kréien hunn, nottament am Film, am Bild. Déi wäerten natierlech elo déiselwecht Extensioun vum Délai froen. An do muss eiser Meenung no awer iergendwéi eng Kéier eng Brems ageleucht ginn.

A mir hunn an der Kommissioun vun deem zoustännege Beamten och héieren, datt d'Positioun vun der Lëtzebuergescher Regierung elo net onbedéngt eng wär, déi géif doranner bestoen, ëmmer do matzelafen, well si och déi dote Schwierigkeiten gesäit. Dofir wëlle mir nach eng Kéier op deen dote Punkt insistéieren, datt een awer muss e bësselche versichteg sinn, well mir sinn amgaangen, eigentlech dee ganzen Esprit an d'Essenz vun den Autorerechter hei bei hirer Substanz ze huelen.

Dann eng zweet Bemierkung, Här Minister, wou ech wëll dovu profitéieren, fir op e Problem opmierksam ze maachen, dee mer scho ganz laang an dem Land hunn an dee mer net richteg geléist kréien: Dat ass d'Problematik vun den Autorerechter bei de Kabeloperatiounen.

Do ass et nämlech nach ëmmer esou, datt an de Kabelnetzer eng ganz Rei vu Programmen net kënnen legal agespeist gi wéinst enger Thematik vun Autorerechter. An do besteet dann natierlech eng Konkurrenz mat de Satelliten, déi deen dote Problem net hunn, wat derzou féiert, datt de Kabel ëmmer manner attraktiv gëtt, de Satellit méi attraktiv gëtt. Wat awer - an ech gesinn d'Ëmweltministesch doniewent

setzen - net onbedéngt gutt ass fir d'Ëmwelt, wa mer do zu enger Multiplikatioun vu Satellitenantennen op den Diech, niewent den Diech, op de Fassaden an an de Gäert kommen.

Dofir nach eng Kéier, Här Minister, et wär vläicht net schlecht, wann Der géift deen ähnlechen Exercice maachen, deem Der an engem aneren Domän gemaach hutt, nämlech deem zoustännege Kommissär eng Kéier e Brëf schreiwen, fir dorop opmierksam ze maachen, datt hei zu Lëtzebuerg eng ganz Rei Programme net kënnen agespeist gi wéinst Autorechter. An ech ginn lech just ee Programm, wat awer net deem am mannste wichtige ass, dat ass d'BBC. Déi kann, leider, nach ëmmer hei net agespeist ginn.

A wéi gesot, dofir deen Appell un de Minister, deem, wat ech och weess, eng Sensibilitéit fir dee Sujet huet. Et wär gutt, wann Der do nach eng Kéier géift hannert deen zoustännege Kommissär goen.

Dat gesot, wäerte mir dee Projet stëmmen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Mosar. Nächste Riedner ass den Här André Bauler.

► **M. André Bauler** (DP).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'Éischt d'Geleeënheet notzen, fir dem Claude Haagen, dem Rapporteur, Merci ze soe fir säi Rapport.

Erlaabt mer nach e puer Gedanken. Nom Zweete Weltkrich huet d'SACEM zu Lëtzebuerg ugefaangen, d'Droit-d'auteurs vun de franséische Chansonnieren anzekasséieren, déi op Radio Lëtzebuerg gespillt goufen. E grouse Meilestee war dann och deem, wéi d'SACEM 2003 zu Lëtzebuerg eng eegen Entitéit geschaaft huet. Op d'Beméie vu véier Leit, déi an der Musekszeen zu Lëtzebuerg beschteens bekannt sinn, an zwar de Bob Krieps, de Gast Waltzing, den Alexander Mullenbach an den Olivier Toth, ass d'SACEM Luxembourg als Société civile enstane.

Dëst huet et erlaabt, datt d'Redistributioun vun den Droit-d'auteurs endlech der Lëtzeburger Realitéit Rechnung gedroen huet an déi einheimesch Kënschtler méi dovunner haten. Zanterhier ass d'SACEM Luxembourg zu Lëtzebuerg zoustänneg, fir d'Rechter vun den Auteurs, de Compositeuren an Éditeurs am Museksbereich ze verdeedegen. Si suert derfir, datt dës eben eng gerecht Bezuelung fir hiert kënschtleresch Schafen erhalen. Fir Lëtzeburger Kënschtler ass dat eng wichteg finanziell Ënnerstützung, déi et hinnen erlaabt, weiderhi kreativ tätég ze sinn.

Momentan zielt d'SACEM Lëtzebuerg iwwer 800 Memberen, déi 2014 zesummen iwwer eng Millioun Euro u Droit-d'auteurs ausbezuelen kruten. Jiddwereen, dee Musek ofspillt, muss dës Droit-d'auteurs un d'SACEM bezuelen. Dat gëllt net nëmme fir d'Télee an d'Radiosenderen, mä awer och fir all Buttek, Restaurant, Café, Buvette an Disco, an och aner Geschäfte natierlech.

Dës Sue ginn dann no engem Schlëssel, deem der Realitéit vun der Diffusioun Rechnung dréit, un d'Auteurs vun de Wierker weiderginn. Esou muss zum Beispill en Duerfveräin, deem e Bal organiséiert, 6,41% vun de Recetten op den Entréesbilljeeën un d'SACEM bezuelen. Mellt den Organisateur de Bal am Virus bei der SACEM un, esou kritt en eng Remise vun 12,5%.

Här President, d'Haaptuleies vun dësem Gesetz, wat d'Direktiv 2011/77 ëmsetzt, ass eben, fir, et ass gesot ginn, d'Dauer vum Schutz vun den Droit-voisine vu 50 op 70 Joer ze erhéien. Et muss ee wëssen, datt d'Droit-d'auteurs elo schonns bis 70 Joer laang nom Doud vum Auteur geschützt sinn. Den Ënnerscheed tëscht den Droit-d'auteurs an den Droits voisins ass eben deem, datt d'Droits voisins nottament un d'Interpreten an d'Produzente vu Lidder oder Texter ginn, déi en Auteur geschaaft huet an déi also scho bestinn.

Et muss ee wëssen, datt, wat d'Droits voisins ugeet, also d'„verwandte Schutzrechte“, wéi déi Däitsch dat nennen, Lëtzebuerg eent vun de weénege Länner ass, wou dës guer net opgehewe ginn. Et gëtt effektiv keng Firma zu Lëtzebuerg, déi sech dorobber spezialiséiert huet. Dat heescht, datt e Lëtzeburger Interpret, ob dat e Rockmuseker, en Cellist aus dem OPL, e Gittarist aus engem Jazzensemble oder all anere Performer ass, keng Droit-voisinen aus enger Lëtzeburger Perception kritt, obwuel him dës Rechter eigentlech genausou wéi engem Créateur-auteur zoustinn.

D'Lëtzeburger Musekszeen ass déi lescht Joren awer esou gewuess an huet sech och esou diversifizéiert, datt et un der Zäit wier, datt dës Kënschtler och hir gerecht Rémunératioun kréien. Lëtzebuerg ass e Land, wou de Schutz vun der Propriété intellectuelle groussgeschriwwen gëtt. Dëst si Wäerter, déi och mir als